LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 5 mars 2021

REÇU
Par Alff Christian , 11:04, 05/03/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 3623 du 12 février 2021 de l'honorable Député Fred Keup concernant les noms de rue**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Fro n°3623 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet "Noms de rue"**

D'Kadaster- an Topografieverwaltung huet an hiren Attributiounen d'Gestioun vum "Registre national des localités et des rues". Den Artikel 2 vum Kadergesetz vun der Verwaltung[1] gesäit Folgendes vir :

" ***Art. 2.*** *L'administration a les attributions suivantes : (...)*

*g) la création, la gestion, la diffusion et la mise à jour d'un registre national des localités et des rues, constitué de la dénomination des localités et des rues et de la numérotation des immeubles construits; (…).".*

An deem Regëster ginn déi offiziell Nimm fir d'Gemengen, d'Uertschaften an d'Stroossen zu Lëtzebuerg gefouert, sou wéi och d'Hausnummeren an de jeeweilege Code postal. Dës Donnéeë ginn a ville staatlechen Applicatiounen als Basis genotzt, sou zum Beispill am nationale Persouneregëster.

D'Donnéeën am „Registre national des localités et des rues" ginn op Basis vun den Informatiounen à jour gehalen, déi d'Gemengeverwaltungen dem Kadaster matdeelen, a sinn um OpenData-Portal vum Staat ëffentlech zougänglech (https://data.public.lu/fr/datasets/registre-national-des-localites-et-des-rues).

**Fro 1.**

Am Regëster ginn et aktuell 8.988 Stroossen zu Lëtzebuerg mat Nimm.

**Froen 2 an 3.**

Den offiziellen Numm vun enger Strooss kann op Lëtzebuergesch, Franséisch oder Däitsch sinn. Et gëtt awer de Moment keng Méiglechkeet, automatesch ze chiffréieren, wéivill Stroossen e lëtzebuergeschen, franséischen oder däitschen Numm hunn. De Regëster huet keen Indicateur, deen ugëtt, a wéi enger Sprooch den offiziellen Numm erfaasst ginn ass.

**Froen 4 a 5.**

D'Kompetenz, wat op de Stroosseschëlter steet, läit bei de Gemengen. Do gëtt et keen direkte Lien mam Regëster. Den offiziellen Numm ass ëmmer deen, deen am Regëster als deementspriechend agedroen ass. D'Responsabilitéit, fir dem Regëster den offiziellen Numm vun enger Strooss korrekt matzedeelen, läit bei de Gemengen.

**Fro 6.**

An der aktueller Struktur vum Regëster kann et just een eenzegen offiziellen Numm fir eng Strooss ginn. Et muss een heibäi och bedenken, datt et am Fall vu méi offiziellen Nimm fir eng Strooss ganz liicht zu Verwiesslunge bei den Notzer vun dësen Informatioune kommen kéint.

**Froen 7 an 8**

D'Gemenge sinn autonom am Choix vun de Stroossennimm.

---

[1] Loi modifiée du 25 juillet 2002 portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie